



#maisonrelaismeetsjugendhaus #mrcontern #jugendhaus #zesummen

Wei elo scho e puer huet och 2022, d'Zesummenaarbecht tëscht der Maison Relais Contern an dem Jugendhaus Mutfert hiren Ufank fonnt. Dëschdes, besichen déi Jonk déi am Cycle 4.2 an der Maison Relais ageschriwwe si dann och d'Jugendhaus. E Grond fir dësen Echange ass et de Jonken d'Transitioun, den Iwwergang vum Cycle 4.2 an d'Jugendhaus ze vereinfachen. Duerch dësen Echange hoffen mir hinnen dëse Schratt méi einfach ze maachen. Mir wëlle deene Jonken d'Chance ginn, net nëmmen d'Jugendhaus, mee och d'Ekippen kennen ze léieren. Och dëst Joer hu mir an dësem Kader nees ee flotten Projet geplangt, den Zesummen mat den Jugendlechen diskutéiert, organiséiert an duerchgefouert geet... Mir dréinen ee Film, méi geet elo net verrodnen. Loosst Iech iwwerraschen!! Mir freeën eis ob ee flott Resultat.



#rennsimulator #Creative #racing #upcycle #onlinetooffline

Am Januar konnte mir mam Projet Rennsimulator ufänke. Zesummen hu mir eis mat de Jonken e puer Video'en ugekuckt a konnten sou déi éischten Iddie sammelen. Mir wëlle de Jonken weisen dat een och mat klengem finanziellen Opwand, dat heescht aus Holz, ee Simulator kann bauen. Hei wäerten mir probéieren e maximum ob den Wee vum Upcycling ze goen. Mam Simulator bidden mir och d'Méiglechkeet Autofueren esou realistesch wéi méiglech kennen ze maachen. Zukunftsvisioun ass d'Participatioun un der LGX (Luxemburg Gaming Experience)....

Wat mir do maachen... geschwënn ob dësem Kanal.



#corona #2022 #neijoer #winter

Och 2022 gi d'Aktivitéiten am/vum Jugendhaus un déi jeeweileg Mesuren vun der Santé ugepasst fir den Jugendlechen ee flotte Programm kennen ze bidden.

Aktuell heescht et fir d'Jugendhaiser 3G. Wichteg ass et also de Certificat dobäi ze hu. Fir d' allgemeng Sécherheet roden mir dann awer och eng Mask unzedoen, sou dat d'Jugendhaus net duerch ee positive Fall muss zou gemach gi.

